

BEKIPAY DE BEKI GËTT DIGITAL!

Et soll ee weidere Meilesteen fir eis regional Währung ginn:
Een digitale Beki an enger Smartphone App.

Grad elo, wou vill lokal Betriber wéinst dem Coronavirus an den domadder verbonnene Mesure Schwierigkeeten hunn, ass et nach méi wichteg si ze ënnerstëtzen, andeems ee mat Beki bezilt. Fir Iech dëst an Zukunft nach méi bequem ze maachen, bréngt

de Beki Veräin De Kär deemnächst een digitale Beki a Form vun der Beki Smartphone App BekiPay eraus. Am Februar 2021 soll et souwäit sinn.

Méi praktesch fir Privatnotzer

Dir braucht net méi op d'Bank ze goë fir Beki ze kréien. Andeems Dir eng Iwwerweisung un „De Kär“ maacht, kritt Dir digital Beki op Äre Smartphone geschéckt. Mat deene wäert Dir am Buttik kontaktlos bezuele kënnen, andeems Dir ee QR-Code scannt. Dir wäert och iwwer BekiPay anere Persounen Beki schécken oder vun hinne geschéckt kréie kënnen.

Betriber: Zäit- a Geld spueren

Betriber wäerten iwwert hire Smartphone oder Computer Rechnunge verschécken a bezuelt kréie kënnen.

Betriber wäerten exklusiv kënne vun enger weiderer Funktioun vu BekiPay profitéieren: Een IOU (I owe you) Bezuelssystem, bei deem Betriber sech ënnertenee Kreditlinnen araumen a mat IOUs, also Scholdschäiner bezuele kënnen. Dëst spuert, respektiv verschaaft Liquiditéit.

Maximal Sécherheet:

Den digitale Beki ass kryptéiert an op enger Blockchain gespäichert, sou dass een eigentlech vun engem Krypto-Beki schwätze muss. Dëst garantéiert eng maximal Sécherheet.

An iwwregens, mat BekiPay wäert ee kontaktlos bezuelen. Dat wäerten an dësen Zäite sécher vill Mënsche begréissen.





V.l.n.r.: Dragan Postolovski (Programmíierer Sikoba), Fons Jacques (Leader Manager Atert-Wark) Aleksander Kampa (Direkter Sikoba), Marc Neu (President De Kär), Max Hilbert (Koordinator De Kär), Guillome Devron (Teschneschen Direkter Sikoba). Zanter engem knappe Joer schaffen De Kär an d'Startup Sikoba zesummen un engem digitale Beki.

BekiPay: Méi wéi eng normal Bezuel-App

Den digitale Beki gëtt an Zesummenaarbecht mat Sikoba entwéckelt. Duerch gëtt den digitale Beki méi wéi eng reng technologesch Innovatioun. Betriber wäerten zousätzlech dee vu Sikoba entwéckelten IOU Bezuelssystem notze kënnen. Heibäi kënnen si sech géigesäiteg Kreditlinnen aramen an dann ënnertene mat Beki-IOUs bezuelen. De System fënnt déi zirkulär Kreditter déi sech géigesäiteg ophiewen a sträicht se dann. De Bedarf no Geld gëtt doduerch reduzéiert an d'Wueren an Déngschtleschtunge kënnen fléissen. Ee Geldsystem deen sech tatsächlech dausende Jore bewäert huet, awer duerch d'Opkomme vu Bankgeld verdrängt gouf, gëtt heimat un d'21. Joerhonnert adaptéiert.

Een Opruff vum Beki Präsident Marc Neu

Léif Lieser, Är lokal Betriber brauchen Iech elo. Dofir, bezuelt wannechgelift mat Beki, well nëmme d'Beki zirkuléiere weider tëscht de Betriber a léisen eng Kettreaktioun un Akeef an eiser Regioun aus! Sou hëlleft een deem aneren an dës Solidaritéit ass elo gefrot. Iwwregens, Dir kënnt d'Beki och heem geliwwert kréien.

Méi Informatiounen
dozou op www.beki.lu
an op www.shoplocal.lu



Marc Neu, President vun De Kär a Patron vun engem lokale Betrib



De Kär a.s.b.l.
103, Huewelerstrooss
L-8521 Beckerich
T 23 62 21 847
T 691 888 295
info@beki.lu
www.beki.lu



De S.I. Réidener Kanton
ënnerstëtzt de Beki.



LE DÉPARTEMENT
DU DÉVELOPPEMENT DE L'ÉCONOMIE
RÉGIONALE
DU LUXEMBOURG
Fonds européens agricoles pour le développement rural
L'Europe investit dans les zones rurales.